
# Tutoriel Stageplaz-Verdeelung 1GED




Année scolaire 2025/2026

# Informatiounen fir d'Verdeele vun de STAGEPLAZEN

## !!! Wichteg: Onbedéngt liese virun der Umeldung !!!

1. D'Umeldung an d'Stageverdeelung fënnt elektronesch iwwert de LTPES Programm "Manager" statt.


2. Et ginn dobäi verschidden Etappen. Bei eenzelnen Etappe ginn et och "Zäitfënsteren".

3. Bei enger Zäitfënster gi verschidden Informatiounen zu engem festgeluechtem Datum + Auerzäit online sichtbar. An dësem Zäitraum muss du deng Entscheedung(en) androen.

4. Bei all Zäitfënster muss du op „reservéieren" oder „abspeichern" klicke fir dass deng Entscheedung gülteg ass.

5. Hues du déi éischt Zäitfënster verpasst, mell dech direkt am Office de la pratique professionnelle (Stagebüro)!


6. Bei all weider Zäitfënster déits du verpasst hues, fäls du an déi 7. Etapp wou just nach déi iwwregbliwwe Stageplazen zur Auswahl stinn.


1 Zäitfënster
3 Beräicher auswielen
2 Zäitfënster
Sech iwwert d'Institutiounen forméieren
3 Zäitfënster
2 Stageplazen eraussichen an 2 verschiddenen Beräicher
Bestätigungsmail
Du stoungs eleng op der Stageplaz an krus déi zougewisen
Überbuchungsmail
Et stinn nach Persounen op der selwechter Stageplaz
4 Zäitfënster
Persounen déi op der selwechter Stageplaz stinn ginn sichtbar.
Dir kënnt eng Léisung fannen oder losst den Programm würfelen
Bestätigungsmail
Stageplaz gouf dir zougewisen
Überbuchungsmail
Stageplaz gouf dir NET zougewisen, du muss dech fir déi 5 Zäitfënster aloggen
5 Zäitfënster
First come,first served,
bei den Stageplazen déi nach iwwreg sinn.
Beräich ass wiesselbar!
Bestätigungsmail
Stageplaz gouf dir zougewisen

Bei all Etapp loggs du dech am LTPES **Manager Programm** mat dengem

**IAM a Passwuert** an:

# https://manager.ltpes.lu




## 1.Etapp


## 3 Beräicher vun den Differenzéierungsberäicher auswielen

- **1.Zäitfënster: 01.10 15h00 – 02.10 20h00**


Ënnert PRAKTIKA am Programm muss du 3 Beräicher auswielen.
(Frühe Kindheit a Kindheit ass 1 Beräich, vun deenen 2 kanns du just 1 wielen!)




Um Computer:
Praktika a Differenzierungsbereiche uklicken




Um Handy:
 uklicken
Praktika a Differenzierungsbereiche uklicken




Du wiels 3 Beräicher an klicks dann "abspeichern".

Angebote: esou vill Stageplaze ginn et an dem Beräich.
Anfragen: esou vill Schüler*innen hunn sech bis zu dem Zäitpunkt gemellt)

| | |
|---|---|
| **Die Transaktion wurde erfolgreich abgeschlossen.**<br><br>Wir danken Ihnen. Ihre Mitarbeit ist hoch geschätzt. | Du kriss uschléissend dëse Message. |

Hues du déi 1. Etapp verpasst, da mell dech direkt am Stagebüro!!!!


<u>1GED an 1SGED</u>: De Beräich vun der  Stageplaz wou’s du scho waars, ass gro markéiert an du muss aner Beräicher wielen.


<u>2.Etapp</u>

<u>Sech iwwer d'Institutiounen informéieren</u>

➢ 2.Zäitfënster : 02.10 20h00 - 06.10 16h00

Du kriss elo, an deene Beräicher déits du gewielt hues, all d'Institutiounen ugewisen, wou Stageplazen op sinn.
Fir eng gutt Wiel ze treffen, informéiers du dech w.e.g. am Viraus iwwer d'Institutiounen (Internet, sech ëmfroen…).

<table>
<tr>
<td>


</td>
<td>Du klicks op Praktika<br>Praktika Angebote<br><br>Institutiounsléschten aus dengen 3 gewielte Beräicher ginn op.<br><br>Du informéiers dech iwwert d'Institutiounen.</td>
</tr>
<tr>
<td>




**Detailansicht einer Institution**

| | |
|---|---|
| Id | 830 |
| Träger | Nov |
| Name | Nov |
| Name lang | Nov |
| Strasse | 12b |
| Ort | 828 |
| Land | Lux |
| WWW | http |
| Email | |
| Telefon | |
| Fax | |
| BIC | BCE |
| IBAN | LU3 |
</td>
<td>Mat Duebelklick op eng Institutioun gesäis du d'Informatioune vun der Institutioun.</td>
</tr>
</table>

## 3.Etapp
## Sech op Stageplazen aschreiwen

- 3.Zäitfënster : 06.10 16h00 -24h00

Du schreifs dech fir 2 Stageplazen an 2 verschiddenen Beräicher an.

<table>
<tr><td>
</td><td>Du klicks op reservieren a schreifs dech fir déi 1. Stageplaz an.</td></tr>
<tr><td>
</td><td>Du klicks fir d'Stageplaz definitiv ze reservéieren.</td></tr>
<tr><td>
</td><td>Deng 1. Stageplaz ass elo reservéiert</td></tr>
<tr><td>
</td><td>Praktika<br>Praktika Angebote<br>Du klicks erëm op Praktika Angebote. Eng Stageplaz ass elo agedroen</td></tr>
<tr><td colspan="2">Hues du dech bei der 2. Stageplaz agedroen, kontrolléier ob déi 2 Plaze bei Praktika Angebote ugewise ginn.</td></tr>
</table>

Stells du an dëser Etapp fest, (17.10 16h00 -24h00) datt sech méi Schüler bei denger Stageplaz agedroen hunn an d' Chance kleng ass fir des Plaz ze kréien, kanns du däi Choix nach änneren.

| Anzahl | Reservierungen | Operation |
| --- | --- | --- |
| 1 | 1 | zurückziehen |
| 1 | 0 | reservieren |

Du klicks op zurückziehen a mells dech fir eng aner Stageplaz un.

Du kontrolléiers op d'Wiel vun den 2 Stageplaze bei Praktika Angebote ugewise gëtt.

## 4.Etapp
## Du kriss eng Mail den Dag drop

4.a. Du hues dech eleng op eng Stageplaz gemellt

- ➔ Du kriss eng "Bestätegungsmail" an hues esou des Stageplaz. D'Institutioun huet dës Informatioun per Mail matgedeelt kritt.
- ➔ Du hëls Kontakt mat der Institutioun iwwer Telefon oder E-Mail op, a mëss e Rendez-vous aus fir dech virstellen ze goen.

4.b. Bei méi Aschreiwunge bei denge gewielte Stageplazen

- ➔ Du kriss eng "Überbuchungs-Mail" a fäls an d'Etapp 5

## 5.Etapp
## Du probéiers eng Léisung ze fanne mat de Schüler*innen déi sech op déi selwecht Stageplaze gemellt hunn oder du léis de Programm entscheeden.

- 4.Zaitfënster 07.10  18h00 – 09.10 20h00

Du gesäis, wéi eng Schüler*innen sech nach, op dengen ausgewielte Stageplazen gemellt hunn. Klick dofir bei Praktika Angebote op déi betreffend Stageplaz, scroll bei Anfragen erof, hei stinn d'Mailadressen vun den Schüler*innen déi sech och op dëser Stageplaz ageschriwwen hunn.

Du kanns elo mat him/hinne Kontakt ophuelen (Teams, Mail, perséinlech) a probéieren eng Léisung ze fannen.

Wien behält d'Stageplaz a wien ass bereet sech op eng aner Stageplaz ze mellen.

5.a. Du entscheets dech, fir op eng fräi Stageplaz ze wiesselen:

- Du zitt's deng Reservéierung zeréck a mëss eng nei.
- Wanns du dech op eng fräi Stageplaz mëlls wou nach keen ass kris du dës direkt mat Bestätegungsmail zougeschriwwen.

5.b. Du fends keng Léisung a léis de Programm entscheeden, wien d'Stageplaz kritt.

## 6.Etapp
## Du kriss eng Mail den Dag drop


- ➔ Du hues Chance a de Programm huet entscheet dass du déi Stageplaz kriss (Bestätegungsmail).
- ➔ Du hëls Kontakt mat der Institutioun iwwer Telefon oder E-Mail op a mëss ee Rendez-vous aus, fir dech virstellen ze goen.
- ➔ Du krus keng Plaz a kriss eng Ueberbuchungsmail. Elo kenns du an d'Etapp 7.

## 7.Etapp
## Neiaschreiwung fir eng Stageplaz bei deenen déi nach opstinn

- ➢ 5.Zäitfënster: 10.10 18h00-24h00

Du kriss déi Stageplazen ugewisen déi nach iwerech sinn.
Dofir kanns du elo Differenzierungsbereich uklicken an och nach an dengen aneren oppenen Beräicher nokucke goen, wat nach fräi ass.
Bei der Aschreiwung ass bei dëser Etapp den 1. fir:
FIRST COME, FIRST SERVED

- ➔ Du mells dech als éischt, da kriss du des Stageplaz och (Bestätegungsmail).
- ➔ Du hëls Kontakt mat der Institutioun iwwer Telefon oder E-Mail op a mëss ee Rendez-vous aus, fir dech virstellen ze goen.

| | |
|---|---|
|  | Ënner<br>Praktika<br>Praktika anzeigen<br>fends du deng<br>Stageplaz |

<u>Nach ëmmer keng Stageplaz:</u>

Du mells dech direkt iwwer E-Mail am Office de la pratique professionnelle :

[stages@ltpes.lu](mailto:stages@ltpes.lu)

Vill Erfolleg